# <u>Rapport réunion du 23.2.2026</u>

*Présents:* Rom Engels, Guy Kruchten, Marco Schmit, Claude Magar, Dan Wiseler, Lex Schroeder, Suzie Godart, Marco Schmitz (via Teams)

*Excusé:* Serge Raach

## *1)* Approbation rapports

De Rapport vum 14.1 gët gutt geheesch a kann online gesat gin.

## *2)* Debriefing remise des prix “Kichechef Trophy”

Den Numm Kichechef Trophy soll vun elo un exklusiv gebraucht gin! Am Generellen as alles gud ofgelaf, mee mat enger Rei klenge Verbesserungen kann een nach vill méi maachen, z.B.:

- Besser Anlag fir de Mikro
- Detailléierten Oflaf fir d’Iwerreeche vun Trikoen a Medaillen (Medaille sollten och eng Nummer grouss sin)
- Deadline fir d’Aschreiwen méi no vir verléen
- Bréif mat Oflaf (huet de Guy scho virbereet) muss un all Eltere geschéckt gin (dëst Joer war daat irgendwéi nët de Fall)
- Oprufe vun hannen no vir oder dem ABC no, duerno déi 3 éischt Jongen/ Meedercher an der richteger Reihefolleg

## *3)* CA an AGO FSCL

De Claude Magar mecht nach eng kleng Ännerung am Addendum vum Reglement a schéckt dëst nach virum nächsten CA un d’Federatioun eran.

De 25.2 as CA, mir kruten awer nach kee Bescheed, dat déi gefrote Punkten, Règlement Jeunes a Kids Juge, zur Diskussioun kommen.

Mir hun dem Florian Salzinger nach emol rappeléiert, dat den Dan Wiseler dëst Joer onbedéngt muss op der AGO offiziell an d’Kommissioun kooptéiert gin.

Vu dat de Richard Spautz nët méi fir den CA kandidéiert, wärt eise Präsident de Lex Schroeder vu séngem Veräin als Kandidat gemellt gin.

De Rapport annuel gët vum Suzie geschriwwen, de Guy setzt duerno d’Statistiken dran a schéckt jidferengem e fir Accord ier en un d’FSCL geet.

*4)* Saison 2026

- De Formulaire fir Non-Licenciés, deen de Guy virbereet huet, gët approuvéiert. Bei Minimes a Cadets gi keng NL matgehuel.
- D'Lëscht vun den Delegéierete fir d'Course gët aktualiséiert a komplétéiert.
- Bis elo sin ët 131 Lizenze bei de Jeunes
- D'Bestellung fir d'Kaderplacke gët finaliséiert an den Optrag un EmJi sàrl weidergeleet.
- Deadline fir d'Aschreiwunge soll generell op Donneschdes virun den Epreuve festgeluecht gin (Ausnahm Technikofzeechen: 1 Woch am Viraus)
- Ordre de départ fir déi éischt Course gët geloust

*5)* Online Versammlung mat de Veräiner

Momentan leeft de Fichier just reibungslos op PC. Soubal de Problem mat MAC geléist as, këmmeren de Claude an de Guy sech drëm d'Versammlung ze organiséieren.

*6)* Flyer Vëlosschoulen respektiv Kichechef Trophy

Waat de Flyer mat den Donnéen vun de Vëlosschoulen ugeet, relancéieren de Guy zesumme mam Joey Adam vun der FSCL nach emol d'Veräiner fir folgend Donnéen ze kréien:
- Numm vum Veräin
- Altersgrupp
- Wochendag vum Training
- Plaz vum Training
- Kontakt

Fir de Kichechef Trophy kënnt einfach d'Lëscht vun den Epreuven drop an eventuell zousätzlech de Link (QR-Code) op d'Aschreiwungen.

*7)* Fächer Technikofzeechen

Et si just nach e Grapp voll Fächeren do, wa mir de Kids-juge sollten ubidden, an och fir nei Traineren, wier ët gud de Fächer nach emol nei opzeléen an zwar a waasserfester Form, dat e sech nët bei Gebrauch um Terrain opléist.
D'Suzie këmmert sech drëm, daat mat der Federatioun ze verhandelen.

*8)* Divers

Diplomer vum Technikofzeeche gin un d'Veräiner verschéckt (verdeelt), d'Stickere peche mir de Kanner an eiser nächster Versammlung op hir Kaderplacken.

D'Technikofzeechen as am Kalenner op de 25.10.2026 virgeréckelt do as den internationale Cross vu Contern, do kënne keng Minimes a Cadets starten.

Nächst Sitzung as de 16.3.2026 um 19:00 um Stade Boy Konen